**Intervention Léon Gloden Wäibau**

Här President,
Dir Damen an Dir Hären,

Ech soen dem Kollege Raym Weydert an den Virriedner Merci fir hier Bäiträg.

Een bekannt Sprëchwuert seet: "In Vino Veritas", an dat trëfft jo besonnesch op dës Debatt zou.

Et ass vun Zäit zu Zäit noutwendeg esou Débatten hei an der Chamber ze féieren, well jo och fir d’Wënzer d’Regelen unhand vun deenen se hieren Beruf ausüben änneren. Domatt ass et eis Aufgab regelméisseg ze iwerpréifen wéi et dem Secteur geet, an ob d’Politik hinnen dee richtegen Kader bidd fir hieren Job auszeüben. Well mir mussen eis eent bewosst maachen: D’Wënzer sin nët nëmmen Geschäftsleit déi probéieren hiere Wäin oder hieren Crémant ze verkaafen. Duerch hier Aarbecht am Wéngert sin si wichteg Landschaftspfleger déi entscheedend zum Erscheinungsbild vun eiser Muselgéigend bäidroen.

Aus dësem Grond ass et wichteg datt de Wënzerberuff och an Zukunft Bestand huet. An domatt mengen ech d’Wënzer aus allen 3 Secteuren, Privat, Genossenschaft a Wäinhandel.

De Raymond Weydert huet et schon ugeschwaat, wann een Altersstruktur vun eise Betrieber kuckt, da fällt op datt déi grouss Majoritéit vun de Betriebsleiter iwer 50 Joër aal ass, an et der esouguer vill gin, déi méi aal wéi 65 Joër sin.

Wann een dann awer an den Détail geet, stellt een fest datt den Problem zwar net ze verkénnen ass, mais awer nach nët dramatesch ass, ë Glëck.

Virun allem stinn bei villen Privatwënzer d’Noofolger an de Startlächer, respektif ass d’Betriebsübernahme zum Deel schon vollzunn.

Wann een dann nach feststellt datt baal ëmmer gudd forméiert jonk Leit prett sin fir d’Betrieber ze iwerhuelen, dann sollt engem nët Baang gin.

Et ass effektif esou datt déi Jonk Wënzer souwuel bei den Priwatwenzer wéi bei der Vinsmoselle, niewent dem learning by doing doheem am Betrieb, haut en ganz héigen Ausbildungsniveau hun, duerch deen eis Wäiner och an Zukunft gudd kënen évoluéieren. Quasi all déi Jonk déi an de Betrieber an de Startlächer stinn, sin diploméiert Oenologen. Sie gin ganz oft an Ausland op Geisenheim, Bordeaux oder esouguer bis an Amerika oder Südafrika fir hiir Studien ze maachen. De Wënzerberuff besteed jo haut nët nëmme méi aus den klasseschen Wënzeraarbechten. De Wënzer

muss e richtegen Betriebsmanager sin, e muss administratif Hürden kënen meeschteren, e muss Ahnung vu Marketing hun an sengen Clients'en, op Privatclients oder Restaurateuren, en exellenten Service bidden kënen. Mir schwätzen also vun engem extrem villsäitegen an interessanten Beruf, deen eng Zukunft muss hun.

Wann een sech um Terrain e bëssen ëmhéiert, schéngt et wéi wann d'Wënzer méih oder wéineger zefridden matt den Hëllefen an der Begleedung bei enger Betriebsübernahme wieren. Heirun ass eis als CSV-Fraktioun vill geleeën a mir encouragéieren de Minister weiderhin dëse Wee ze goen, fir datt mir och an Zukunft genuch Wënzer hun.

Ech hun bis elo vill vun de Privatwënzer geschwaat, et gin jo och ganz vill Genossenschaftswënzer déi hieren Wäin bei der Vinsmoselle oofliweren. An dëser Kategorie muss een nach emol ënnerscheeden tëschent deenen Betrieber déi daat professionnel maachen, an deenen déi et am Nieweberuff maachen.

Mengen Informatiounen no, kennt déi 1. Kategorie vun de professionnellen Wënzer deenen hir Betrieber eng gewëssen Envergure hun, och keng gréisser Succesiounsproblemer, wëll waat bei den Priwatwenzer gelt, trefft och hei zou.

Duerch déi vill Oplagen etc. kéint daat awer aanescht sin bei den sougenannten Feierowend-Wënzer déi daat niewt hirem reguläre Beruf maachen. Et gin aktuell ronn 170 Wënzer am Nieweberuff. Wann dës Leit awer wéi gesoot, duerch Règlementatiounen hier Aktivitéit ëmmer méi verkomplizéiert kréien, ass d'Wahrscheinlechkeet méi grouss datt verschidden kleng Betrieber werten verschwannen.

Ech mengen et ass am Allgemeinen wichteg, datt mir egal op et elo Privatwënzer oder Genossenschaftswënzer sin, eis Subsidienstrukturen regelméisserg iwerpréifen ob se nach den Ufuerderungen déi mir un se stellen gerecht gin an dann réagéieren.

Här President,
Kolleginnen a Kollegen,

Ontrennbar matt de Wënzer a matt der Muselregioun ass den Tourismus verbonn. Eise Wäin, de Wënzer an d'Musellandschaft sin sonner Zweifel ee vun de groussen Attraktivitéitspunkten an eisem Tourismus.

An dësem Beräich ass villes am Gang sech ze beweegen an daat ass an den Aan vun der CSV-Fraktioun och deen eenzegen richtegen Wee.

Daat geet awer just wann een déi ganz Régioun als Pôle d'attraction dohigestallt kritt. Wann een Experts'en nolauschtert hun mir jo all Viraussetzung: excellent Qualitéit vun de Wäiner, eng wonnerschéin Régioun, eng relatif gudd Offer an der Restauratioun.

Waat eis awer fehlt ass eng Oenotourismuskultur. Doniewt vermëssen d'Experts'en eng sougenannten "Servicementalität".

An d'Cooperatioun soll nët nëmmen op dëser Säit vun der Musel stattfannen. Mir schwätzen vill vun der Groussregioun, da komm mir réaliséieren daat och, grad op eiser Musel wou d'Groussregioun direkt op der aanerer Säit vun der Musel ufänkt.

A mir hun Argumenter. Den "Terroir Moselle" ass en gudden Ophänker fir den Oenotourismus. Den europäeschen Museldall ass eng eenzegaarteg Regioun déi sech touristesch nach vill méi exploitéieren léisst a mir sollten dësen Label verstäerkt notzen fir Touristen op déi Lëtzebuerger Musel ze lackelen.

An deem Sënn ass daat grousst Wäinevent op der Lëtzebuerger Musel Mëtt Juni, niewent deenen aaneren traditionellen Wäinfester eendeiteg als Schrëtt an déi richteg Richtung ze begréissen.

Dovun profitéieren eis Wënzer well se méi Clients'en kréien, wann d'Leit bis do sin, gin se och an d'Restaurants'en. A mir mussen eis och bewosst sin, datt daat en positiven Impact op den Tourismus am ganzen Land huet. En Tourist deen op der Musel ass, kann bannent maximal 30 Minuten och an d'Staat fueren. Den Wäibau an all senge Facetten ass een wichtegen Deel vum Tourismus, iiser Kultur, jo iiser Wirtschaft. Hei sollt nach méi vernetzt agéiert gin.

E wichtegen Standuert, ronderëm deen mir d'Méiglechkeet hun den Tourismus am Miseler Land auszebauen ass d'Maison an de Musée du Vin zu Ehnen. Als Siège vun der Entente touristique vun der Musel ass deen aalen Wënzerdomaine an der Wormer Gemeng eng flott Visitekaart vun der Musel. Touristen kënen am Musée d'Aarbechten vum Wënzer kenneléieren. Am groussen Keller kënen Soiréen organiséiert gin wou bis zu 200 Leit kënen bekäschtegt gin. All daat sin Offeren déi wichteg sin wann mir den Oenotourismus wëllen förderen.

D'Aarbechten vun de Leader + ORT, an Entente hun an de leschte Jooren och vill zum Erfierhiewen vun der Attraktivitéit vun der Regioun bäigedroen. Hei muss een awer regelméißeg préifen, ob Strukturen nach ëmmer adequat sin an wéi een se besser kann vernetzen.

Wann ech vun Attraktivitéit schwätzen, kommen ech natirlech nët laanscht déi schéinsten Aushängeschëlder vun der Musel an dem Wäin déi mir hun, eise Wäin- a Rieslingskinniginnen. Dës jonk Meedercher, zesummen matt hieren Prinzessinnen sin charmant a sympathesch Ambassadeuren vun der Regioun an hieren Produits'en am In- an Ausland an ech wëll deenen jonken Damen villmols Merci soen datt si ee groussen Deel vun hierer Fräizäit hiergin fir dës wichteg Missioun.

Och en zukünftegen Wäinpavillon zu Grevenmacher wäert heizou bäidroen, wéi iwregends déi vill flott Plaatzen wou een laanscht d'ganz Musel kann akéieren. Doniewt ass och d'Marie-Astrid scho säit laange Jooren en Aushängeschëld vun der Musel grad esou wéi déi aaner grouss Touristeschëffer déi op der Musel fueren.

Iwerhaapt spillt jo och d'Musel als Floss och eng Roll fir d'Promotioun vun der Régioun. "Waassertourismus" ass hei d'Stechuwert an sämtlech Etuden beleeën jo datt daat eppes ass waat d'Leit unzidd. An et huet een vun nirgendwou esou eng gudd Vue op eis Géigend wéi vum Schëff aus.

Oofschléissend zu dësem Punkt, wëll ech och nach de Leit aus de Confrérien Merci soen, ob et Confrérie St. Cunibert oder d'Confrérie du Palmberg ass. Hei gët säit laange Jooren, bénévole, vill fir d'Promotioun vum Miseler Wäin gemaach.

Här President,
Kolleginnen a Kollegen,

Als leschte Punkt vu menger Interventioun wëll ech op de Bio-Wäibau agoen.

Den Här Kox huet eis jo schon eng Reih Explicatiounen heizou gin.

Sonner Zweifel besteed hei am Land nach Bedarf u Bio-Wäiner an mir sollen och déi Wënzer déi op dee Wee wëllen goen ënnerstetzen a begleeden. Momentan hun mir eng ronn 35ha Bio-Wéngerten dovun 24ha certifizéiert an 11ha an der Conversioun zum Bio. Daat kann ee jo nët vun haut op muer maachen.

Ech denken un den Projet vum Remembrement zu Langsur, wou jo och de Minister Marco Schank staark dru bedeelegt war, an wou eng Reih Hektaren Bio-Wéngerten bäikomm sin. De Minister haat hei als Conditioun fir de Subventionnement gesaat datt misst Bio-Wäibau bedriwen gin. Dëst ass eng sënnvoll Initiative fir esou op enger Reih zesummenhängenden Parzellen biologeschen Wäibau ze bedreiwen.

Mir mussen eis awer och bewosst sin, datt et elo nët sënnvoll ass, datt mir elo probéieren all Wënzer zum Bio-Wäibau ze bekéieren.

Déi meescht Wënzer bedreiwen daat waat ee kann integrativen Wäibau nennen. D'Wënzer bewirtschaften am gréisstméiglechen Aklang matt der Natur hier Wéngerten. An de leschten Jooren ass jo esou vill geschidd, datt d'Benotzung vun Pestiziden an Herbiziden op e Minimum reduzéiert ass. Duerch d'Benotzung vun de sougenannten Racken sin déi tieresch Krankheeten quasi ganz verschwonn.

An a puncto Vinificatioun erfëllt de ganze Lëtzebuerger Wäibau souwisou d'BIO-Standards'en well deen eenzegen Critère deen et hei gët ass deen vum Schwiefelgehalt, an hei sin mir souwisou matt 120mg/l wäit ënnert dem BIO-Seuil vun 220mg/l.

Här President,
Dir Damen an Dir Hären,

Am Wäibau heescht Bio awer leider och datt, well et kee groussen Choix u Sprëtzmëttel gët fir géint Peronospora virzegoen, nach ëmmer muss op Koffer zréckgegraff gin. Koffer als Schwéiermetal belaascht de Buedem natirlech, sou datt een daat sécherlech als Noodeel vum BIO-Wäibau kann gesinn.

Effektif ass et och esou datt ab 2014 e Mëttel daat et erlaabt den Asaatz vu Koffer op e Minimum ze reduzéieren, verbueden gët. Dëst stellt de Bio-Wënzer natirlech virun eng Reih vu Probleemer, wou et gëllt Léisungen ze fannen.

Ech hun elo grad vun integrativem Wäibau geschwaat. An dësem Kontext stëllt sech Fro vum Asaatz vum Sprëtzhelikopter. A ganz Europa gët, am Sënn vun der Nohaltegkeet, opgehaal mam Helikopter ze sprëtzen. Am Bio-Wäibau ass den Asatz vum Helikopter och nët méiglech. Hei zu Lëtzebuerg gin 90% vun de Wéngerten vum Helikopter gesprëtzt. Laut deem waat soll kommen, wier daat zukünfteg da just nach an de Steillagen méiglech. Laut der Directive iwert d'Produits Phytopharmaceutiques, déi mir grad am gaang sin ze transposéieren, muss Joër fir Joër eng nei Genehmegung fir den Helikopter ausgestallt gin. Souwäit ech am Bild sin, kéint Lëtzebuerg awer duerch d'Steillagen argumentéieren datt mir den Helikopter kéinten behaalen. Domatt wäer et dann eng politesch Décisioun déi mir mussen huelen.

Den Sprëtzhelikopter ass en Moyen fir  relatif präzis an homogen eis Wéngerten ze behandelen. Ass d'Wahrscheinlechkeet datt et, souguer ongewollt, zu Abus'en kënt, nët méi grouss wann all Wënzer muss säin Sprëtzmëttel uréieren an da selwer mam Trakter an de Wéngert fueren? A waat geschidd dono mam Rescht deen nach am Sprëtztank ass? Ass et nët méi einfach ze kontrolléieren wann déi Responsabel vum Helikopter daat maachen?
Natirlech muss gekuckt gin datt kloër Oofstänn zu Wunngebidder, Schoulen an och Bio-Parzellen gehaalen gët.

Een weideren Aspekt deen een am Kader vum Bio-Wäibau muss uschwätzen ass deen vun de Pilzfesten/Pilzresisten Sorten. Hei ass et um Beruffsstand dës Drauwenzorten op d'Lëscht vun den cépagen ze setzen déi fir d'AOP zougelooss sin. An natirlech muss d'Qualitéit vum Wäin stëmmen, da gesinn  ech nët datt deem soll eppes am Wee stoen.

Dës sin Froen déi een sech an dësem Domaine sollt stellen.

Här President,
Dir Damen an Dir Hären,

Ech denken datt den Débat vun haut e puer Leit weider fir d'Probleemer vum Wäibau konnt sensibiliséieren an ech hoffen, datt och, déi lescht elo vun eisem excellenten Wäin an Crémant iwerzeecht sin.

Elo hudd dir esou vill iwert de Wäin héieren, sou datt et iech bestëmmt no engem gudde Glieschen glëcht. Doofir hoffen ech dann iech alleguer den 5. Abrëll zu Gréivemaacher um Wäimoart erëm gesinn fir den cru 2012 ze schmaachen.
Ech soen iech merci!